



LE GOUVERNEMENT  
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG  
Ministère de la Sécurité intérieure

**Gemeinsam Äntwert vum Minister fir bannenzeg Sécherheet Henri Kox an dem Minister fir d'Fonction publique Marc Hansen op d'parlamentaresch Fro n°5046 vum 5. Oktober 2021 vum Här Deputéierten Léon Gloden.**

Am Laf vum Joer 2021 kruten eng 16 zivil Mataarbechter vun der Police d'Méiglechkeet, fir vun der Karriär C1 an d'Karriär B1 ze wiesselen, dëst am Respekt vun de legalen Dispositiounen vum Régime vun dem Employé de l'État. Verschiddener kruten dee selwechten Moment och d'Méiglechkeet, an de Statut vum Fonctionnaire-Stagiäre ze wiesselen, wa si d'Reussite vum Examen-Concours du groupe de traitement B1 virweise konnten.

Hei muss tëschent deenen eenzelne Statuten differenziert ginn.

Am Géigesaz zu engem Kandidat, dee Fonctionnaire de l'État wëllt ginn, brauch e Kandidat, deen Employé de l'État wëllt ginn, keen Examen-Concours ze maachen. E Fonctionnaire, deen an eng aner Karriär wëllt wiesselen, muss – ofgesi vum System vun der "carrière ouverte" – eng Réussite vum Examen-Concours an der viséierter Karriär virweise kënnen a kënnt och dorops hin nees a senger neier Karriär frësch an de Stage.

Lëtzebuerg, den 09. November 2021

Den Minister fir bannenzeg Sécherheet

(s.) Henri KOX